AKADEMISCHER VEREIN D´LETZEBUERGER
seit 1897 Templergraben 55 D-52056 Aachen e.V. RWTH Aachen

Oochen, den 2. Mee 2017

Aluedung 120 Joer AVL

Léif Memberen, léif Ancienë,

heimat wëlle mir iech ganz häerzlech op eis Feier vir **120 Joer AVL, den 16., 17. an 18. Juni** invitéieren!

De **Programm** erstreckt sech iwwert dräi Deeg:

Lass geet et Freides mat der traditioneller Ponttorfeier. Déi wäert – ewéi schonn déi läscht Joren – am Forum M iwwert der Mayersche stattfannen. Um 18 Auer fänkt dëst Event mat der Table Ronde un. Ab 20 Auer ginn et Amuse-Bouches, Wäin an Béier bis an déi fréi Moiesstonnen. Vir Stëmmung wäerten d'Band Zero Point Five an natierlech den Oochener Männerchouer suergen.

Samschdes Nomëttes ass géint 14 Auer eng Visite vum Centre Charlemagne geplangt. Owes ass am Ratskeller reservéiert, wou et um 19 Auer mam Aperitif lassgeet. Dono gëtt et en 3-Gang-Menü, woubäi d'Entrée an den Dessert zerwéiert ginn an den Haaptplat als Buffet presentéiert gëtt. Wichteg ze notéieren ass, dass deen ganzen Owend ënnert dem Thema ‚Maskebal' stoe wäert! Eng Mask ass also obligatoresch, ënnert wéi enger Form ass iech awer ganz iwwerlooss. Nom Iessen suergt den DJ Giant vir d'Musek.

Sonndes um 12 Auer geet den AVL-Beach-Tournoi lass! Heifir stinn eis zu Laurensberg zwee Terrainen zur Verfügung, wou mer den Weekend kennen gemittlech auskléngen loossen. D'Equippen ginn op der Platz selwer zesummen gestallt. De ganzen Dag wäert vir Gegrilltes, Zaloten an Gedrénks gesuergt sinn.

D'**Umeldung** kennt dir **bis den 4. Juni** per Mail beim Gerard Gelz op gerard.gelz@avl.lu maachen. Et ass selbstverständlech, dass jiddereen deen kennt eng Memberskaart huet. Dir dierft gären eng Begleedung matbréngen, déi brauch natierlech deen Moment keng. Bedenkt w.e.g., dass d'Platzen begrenzt sinn! Eng Mail eleng geet awer net duer, dir sidd eréischt definitiv ugemellt, wann d'Suen iwwerwisen sinn.

Wichteg unzeginn:

- Wéi vill Persounen dir umellt (mat Numm an Virnumm)
- Wéi eng vun deenen dräi Deeg dir do sidd
- Spezifikatiounen vir d'Iessen (Vegetarier/Veganer, Allergien etc.)
- Op dir wëllt Beach-Volleyball matspillen (wichteg vir den Spillplang ze erstellen)

De **Präis** ass bei 50 € vir Studenten an 90 € vir Ancienë a Begleedung festgeluecht. Do sinn d'Visite, den Aperitif an d'Iessen am Ratskeller, sou ewéi d'Iessen an d'Gedrénks vu Sonndes mat abegraff. Den entspriechenden Montant ass bis den 4. Juni op den Konto vum AVL ze iwwerweisen: LU18 0019 1755 6653 8000.

Mir hoffen dir kommt zuelräich an freeën eis op e flotten Weekend!

Vir de Comité,

Caroline

PS: Denkt drun iech fréi genuch eng Schlofméiglechkeet bzw. en Hotel ze reservéieren!